Positiounspabeier

Beschloss um Landeskongress 2011.2

Thema:

Méi Transparenz vun de Politiker

Problematik

Bis haut ass Lëtzebuerg a Saachen Transparenz vu senge Politiker definitiv kee Musterschüler, mä éischter souguer en Hinterbänkler. Zwar fuerdert Artikel 167 vum Règlement de la Chambre des Députés [1], dass d'Deputéiert Auskunft iwwer all Akommes nieft hirer "Abgeordnetendiät" ginn, ma d'Héicht vun deene Peie gëtt net verlaangt. Genau sou ginn zwar eventuell (ob benevole oder géint Bezuelung) Niewentätegkeete gefrot, ma och hei gëtt verpasst d'Bäitreeg vun dësen Zouwennungen opzeschreiwen. Gläichzäiteg gëtt dëse Register awer zumindest veröffentlecht an d'Chamberpräsidium kann zu all Moment nei Elementer ophuelen, déi an Zukunft veröffentlecht solle ginn. Leider entspriechen di aktuell gefroten Donnéeën net dem weltwäite Standard fir Transparenz an der Politik wéi en Djankov, Shleifer et al. definéieren [2]. Eng Kontroll vun de Niewenakommes souwéi vun der Verméigenssituatioun vu Regierungsmemberen an héije Beamte feelt zu Lëtzebuerg komplett.

Prinzipien vun der Piratepartei

D'Piratepartei Lëtzebuerg hält fest, dass Regierungsmemberen, Deputéiert an héich Beamten an éischter Linn dem Vollek ze dengen hunn. De Wieler als Souverän huet gläichzäiteg d'Recht ze wësse wéi eng Niewenakommese Politiker an héich Beamten, déi fir hie schaffen, erwirtschaften. Dest ass analog zu de genehmegungspflichtegen Niewenakommese am Privatsecteur.

D'Piratepartei schreift an hirem Grondsazprogramm "Besonnesch vir eng Bewäertung vu politeschen Entscheedungsträger ass et dringend noutwenneg, dass d'Grondlage vu politeschen Entscheedungen transparent gemat ginn." D'Verméigenssituatioun an sech dorausser entstoend Ofhängegkeete sinn zwéngend en Deel vun dëse Grondlagen a vun dohier setzt sech d'Piratepartei fir eng verstäerkten Transparenz an.

Fuerderungen

D'Piratepartei Lëtzebuerg fuerdert d'Aféierung vun engem Gesetz zur Erhéijung vun der Transparenz an der Politik. Dest Gesetz soll eng Oppeleeung vu folgende Punkte fuerderen a bei Regierungsmemberen, Deputéiert souwéi Beamten an der "carrière supérieure, catégorie administrative" Uwendung fannen:

- Ulageverméigen
  - Eegenheem
  - Zweetwunneng, Grondbesëtz, Gebaier a Agrarbetriber

- Finanziell Investitiounen (z.B.: Aktien, Stëftungen, Optiounsschäiner, Versécherungen a.ä) a Geschäftsverméigen (Persounegesellschaften an Deelhaberschaft)
  - Bankkontoen, verzënst Finanzinstrumenter a Borgeld
  - Gefierer (z.B.: Autoen, Booter, Fligeren)
  - Aner signifikant beweglech Gidder (z.B.: Schmock, Konscht, Miwwelen, Véi)
- Verbindlechkeeten
  - All Scholden, Obligatiounen, Kreditkaarten, Hypothéiken, Garantien, Biergschaften
- Annahmequellen
  - Finanziell Investitiounen (z.B.: Zënsen, Dividenden, Renten, Pensiounen a Sozialleeschtungen)
  - Geschäftsverméigen (Firmen, Deelhaberschaften, Agrarbetriber, Mieteegentum, Patenter)
  - Akommen aus net-selbstänneger Tätegkeet
  - Akommen aus fräiberufflecher Tätegkeet (Consulting an aner a Rechnung stellbar Verträg mat dem ëffentlechen oder private Sektor)
  - Opsiichtsréit a Virstänn
  - Aner Tätegkeeten fir d'ëffentlech Hand
  - Lotterien, Glécksspill an Eemolzuelungen
- Geschenker
  - All erheblech Geschenker a Leeschtungen déi een erhält
- Potentiell Interessekonflikter
  - Éierenamtlech Verträg an Ustellungen
  - Éierenamtlech Opsiichtsréit an Virstänn
  - Memberschaft a Veräiner, Stëftungen a Gewerkschaften
  - Éierendoktorwürden a.ä.

Dës Donnéeë sollen ëffentlech an ënner Berécksichtegung vun de modernen "open data" an "open government"-Prinzipien zur Verfügung gestallt ginn.

D'Verméigensugabe solle präzis an net ënner dem Notze vu Bereichsgréissen erfollegen. All d'Donnéeë sollen effizient archivéiert an einfach ze duerchsiche sinn. Dëst schléisst d'Verëffentlechung an engem maschinneliesbare Format mat an.

_
[1] http://chd.lu/wps/wcm/connect/03d3a2804344ff9181b58dc6c93b4d35/R%C3%83%C2%A8glementDeLaChambre.pdf?MOD=AJPERES&CACHEID=03d3a2804344ff9181b58dc6c93b4d35
[2] http://www.economics.harvard.edu/faculty/shleifer/files/Disclosure_by_Politicians_AEJAPP_final.pdf